N°1551
Entrée le 24.12.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes, de la Défense, de la
Coopération et du Commerce extérieur

Direction de la défense

**Äntwert vun der Verdeedegungsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 1551 vum 20. November 2024 vum Här Deputéierten Tom Weidig.**

Ech wëll ënnersträichen, dass de belsch-lëtzebuergesche Batailloun reegelméisseg an der Chamber an an der zoustänneger Kommissioun debattéiert gouf, sief et notamment an der Chamberskommissioun vum 14. Januar 2021 iwwert de NATO Planifikatiounsprozess, sief et am Kader vum Gesetz fir d'Acquisitioun vum CLRV (7852), dem neien Arméisgesetz (n° 7880), bei der Virstellung vun de Lignes directrices fir 2035, dem aktuelle Regierungsprogramm an an diverse parlamentareschen Ufroen, sou wéi an enger mëndlecher Ufro vum Deputéierte Fernand Kartheiser den 8. Juli 2021.

Dee rezentsten Debat wor de 14. November 2024 wou de Gesetzesprojet 8389 mat 52 Jo-Stëmmen approuvéiert gouf. Deen Dag stoung net nëmmen d'Acquisitioun vun den zukünftege Gefierer fir de binationale Kampfopklärungsbatailloun zum Vott, mee och d'Ëmsetzung vum Batailloun gouf debattéiert, well dës Gefierer een essenzielle Bestanddeel vun dësem Projet duerstellen.

D'Ofkommes iwwert de Batailloun dat mäi Virgänger ënnerschriwwen huet ass och am Gesetzesprojet 8389 an an de Kommissiounssëtzungen erwäänt ginn.

Wat d'Sëtzunge betrëfft, an där de Batailloun thematiséiert gouf, verweisen ech un d'Servicer an den Internetsite vun der Chamber, op deem d'Procès-verbale vun de Kommissiounssëtzunge verëffentlecht ginn.

Wéi am Fall vun der gemeinsamer A400M-Unitéit, gëtt och de Batailloun etappeweis opgestallt. Et gëtt intern Aarbechtsdokumenter déi zesumme mat der Belsch ausgeschafft ginn, mee déi aktuell awer nach net Opschloss iwwert dat detailléiert Funktionéiere vum Batailloun ginn. Em 2030 wäerten déi éischt Elementer stoen an asetzbar si fir de Batailloun no 2032 komplett asazfäeg ze maachen. Leschten Enns soll dëse Batailloun d'selwecht funktionéiere wéi all Bataillonen vun enger NATO-Arméi.

Lëtzebuerg, den 23. Dezember 2024.

D' Verdeedegungsministesch

(s.) Yuriko Backes